ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. September 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwer de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch bei Uerteeler vun der Lëtzebuerger Justiz un den Här Justizminister weiderzeleeden.

D'Sproochegesetz vun 1984 seet a sengem Artikel 3: *« Langues administratives et judiciaires En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières. ».*

An dem Zesummenhank wollt ech dem Här Justizminister dës Froe stellen:

1. Wéi a wou gëtt Lëtzebuergesch am Ableck am Beräich vun der Justiz gebraucht?
2. Wëll d'Regierung d'Lëtzebuerger Sprooch am Beräich vun der Justiz stäerken?
3. Wa jo, wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung konkret fir d'Lëtzebuerger Sprooch an der Justiz méi ze verbreeden?
4. Kann e Bierger d'Iwwersetzung vun engem Uerteel op Lëtzebuergesch froen (oder och op Däitsch), ënnert der Konditioun, datt eleng déi franséisch Versioun gëllt (fait foi)?
5. Wa neen, firwat net?
6. Wa jo, iwwerhëlt dann de Staat d'Käschte vun der Iwwersetzung op Lëtzebuergesch (oder op Däitsch)?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique